N° 9 2te März 1942

# De "Freie" Lötzeburger

Mir wölle bleiwe wat mir sin

Telefon : N° 12-34 Telegramadr. : Deflö

Nationalistescht Oppositio'nsblad

Verantwortleche Redacter : Déngens Dömmy Verwaltong : Prisong am Grond

erschéngt regelme'sseg onregelme'sseg

Direct Verbindongen o'ni Drot mat London, New-York a Moscau

C. W. C. G. M.
BG 192

*So' secher we' ons d'Bîerger wénken*
*könnt d'Freihêtssonn èn Dag ons blénken*

## N A Z I - R E G I M E

We' mir he'eren, si vill Lötzeburger an der Frîemd de' nach net wössen, wat hetgesdags an der Hêmecht virgêt. De' eng mengen mir hätten all Dag Kirmes, mir hätte Völleg z'îessen a ge'wen net vill vum Krich spiren. Aner sin der Mênong mir hätten, ofgesin vun der preisescher Occupatio'n, nach eng gewösse Freihêt, ge'we Geld gewannen we' Bâch an ons no an no an dèn neie Regime alîewen. All déne Lötzeburger wölle mir heimat klore Wein aschenken, hinnen deitlech ausenaner léen wat sech bei ons passe'ert, a mir sin iwerzègt dat sie sech da vill me' glécklech fillen we' mir.

Mir an der Hêmecht lîewen am Regime vun der "Neuordnung". Wat ass "Neuordnung", oder preisesche Regime ? Enner "Neuordnung" ass ze verston : Angscht, Terror a Sklawerei. Mûergens, wa mir opstin, froe mir ons : Wat soll sech haut passe'eren ? Wat fir Norîchten (natirlech schlechter) soll de Bre'fdre'er ons bréngen ? Vleicht gi mir gefângen a gehângen. All Dag nei "Verordnungen", de' eng me' streng we' de' aner. Gidfer Schrött, gidfer Bewéjong de' mir mâchen, ass reglemente'ert. Vun onser golde Freihêt, de' mir an der Zeit önnerschätzt hun, bleiwt ons nömme me' d'Erönnerong. A seng Plâtz hûet ons de Preiss d'"Neuordnung" geschenkt, de' onse lötzeburger Mo ower net verdaut. Vu frei schwätzen a frei handelen gêt also keng Rîed me'.

Mir musse schwätzen a schreiwen an enger ons opgezwongener Sprôch (deitsch). Lâng agebirgert franse'sch Wîerder, we' :Madame, Bonjour, Bonsoir, merci a.s.w. si verbûeden.- Onse Gro'ss, fir all Mönsch a bei all Geléenhêt, ass "Heil Hitler".

Kên Handel ass me' frei, den Haushalt ass dirije'ert. All Akâfs- a Verkâfspreisser, am Klengen an am Gro'ssen, vum Produzent bis zum Consument, si vum Regime festgesat. De Regime bestömmt och de Verdengsch (Differenz töschent dem Akâfs- an dem Verkâfspreis), dè knapps dûergêt fir gedréckt ze lîewen. Et ass net drun ze denken eppes op d'Seit ze léen. Soll e klenge Verdengscht iwreg bleiwen, da göt en dûrch allmigelech Steieren, Taxen, Cotisatio'nen, Collecten a.s.w. opgefrîes.

Neischt dûerf o'ni de Regime gemâcht ze gin : Böscher, Felder, Heiser a.s.w. dûerfen net kâft oder verkâft ze gin o'ni vum Preiss d'Erlabnes derzo' ze froen. De Preiss ass Mêschter "jo" oder "nên" ze son. Ass en Handel ofgeschloss gin, da musse mir den Akâfs- an de Verkâfspreis ugin, de Regime höllt sech 70 % vum Verdéngscht a fir ons bleiwt........de' kleng Möllech. So'gûer en Tableau dûerf, o'ni d'Erlabnes vum Gauleiter, net verkâft ze gin.

Der Volksbewegung (VDB), (wat hêsche wöllt : Vereinigung Dummer & Blinder) musse mir beitrîeden an ons un déne vun hir organise'erte Propagandaversammlongen bedêlegen. All Mo'nt ass, öm 8 Auer owens, eng

Versammlong am Haptûert vum Canton. All Membere mussen der Versammlong beiwunnen an den Ofschnött vun der Invitatio'n, dè beim Betriede vum Sall erofgerappt göt, dengt als Controll, d.h. derzo' festzestellen wîe beigewunnt hûet a wîen net. Soll è sech erkengen net an d'Versammlong ze gon, de stêt e gângs op der schwârzer Löscht a göt bei all Geleenhêt verfollegt a martyrise'ert. So' gong et z.B. dem Här Albert PHILIPPE, ex-Depute'erten, ex-Schäffe vu Lötzeberg. An engem Wûert, 't ass e Regime vu Sklawerei an Terror, dèn dem Mönsch net me' eng Grötz Freihêt le'sst. Mir hu kê Recht me' ze iwerleen, ons Mênong ze son. Mir gi gezwongen ons fir de Regime ze entschêden a mat him dûrch deck an dönn ze gon, well dè mannste Féler göt ûereg gestroft. Ge'nt de Regime ze gon hêscht sech d'Lîewen ommiglech mâchen. D'Ofzêche vun der Partei (dât mir net geschenkt kre'en) musse mir dron.

Eng Religio'nsfreihêt bestêt och net me'. Ons Gêschtelech gi verfollegt, kre'e kê gehalt me' a musse vum Vollék erhale gin. Ons Kle'schter go'we geplönnert, och gewösse Kirechen, o'ni ze schwätzen vun de Synagogen.

An engem Wûert, all Freihêt an der Sprôch, am Handel, an der Religio'n, ass ofgeschaft.

So'gûer iwer ons Kanner si mir net me' Mêschter. Am Preiss senge Scho'len le'eren d'Kanner, ofgesi vu Propaganda, Turnen, Sangen, so' gutt ewe' neischt. Zu 20 Jor gin ons Jongen a Méderchen "gemustert" an dann op Onbestömmten Zeit an den "Arbeitsdèngscht" geschéckt.

Ons Banken, Versecherongsgesellschaften, Notäre schaffen nömme me' fir de Staat. Den Notär ass nâch grad e Beamten fir Akten ze schreiwen, a wann e klenge Verdéngscht erausfällt, dann ass e ....... fir de Staat. Et ass och net me' den Notär, ma de Staat dèn d'Geld encaisse'ert, de Staat wöllt wössen wat mam Geld geschitt, wûer et higêt.

De Beamte kritt sei Gehalt, den Arbechter sei Lo'n. De Preiss le'sst hinnen wat sie mussen hun fir ze lîewen an de Recht muss beim Staat depone'ert gin mat 3 I/4 % Zönsen. All depone'ert Geld kann ere'scht no engem Jor opgehûewe gin. Beamten an Arbechter schénge gutt bezûelt ze sin, ma a Wîrklechkêt muss de' eng Hand dûrch Steieren, Versecherong an allerhand Wîerker eremgin wat de' aner kritt hûet. A wa sie hire Kont gemâcht hun, bleiwt hinne manner we' virum Krich. E gewe'nlechen Arbechter bezûelt hetgesdags 250,-Fr. Steieren de Mo'nt, ge'nt 250,-Fr. d'Jor virum Krich. E Chauffeur, eppes besser bezûelt we' e gewe'nlechen Arbechter, hûet bis un I0.000,- Fr. d'Jor ze berappen. E Geschäftsmann, dè virum I0 te Mê I940 am Jor 2500,- Fr. Steiere bezûelt hûet, könnt elo önner I5.000,- Fr. net eweg. Fir îech eng Idee ze mâchen, gi mir îech hei de' verschidde Steierzorten op, fir de' mir opkomme mussen.
Lohnsteuer - Einkommensteuer - Wehrsteuer - Körperschaftssteuer - Um= satzsteuer - Vermögensteuer - Beförderungssteuer - Säumniszuschlag für S......steuer - Tilgungsrate - Ehestandsdarlehen - Beitrag zum Reichs= nährst... - Kirchensteuer - Rechtsmittelkosten - Mahngebühren und Voll= streckkosten - Gewerbesteuer a.s.w.

Wat sin d'Consequenzen dervun ? Eng "Gleichschaltung" (natirlech no önnen). De klenge Mann verdéngt knapps fir ze lîewen, et ass him onmiglech en Dubbel op d'Seit ze lêen. De Geschäftsmann schafft fir "den deitsche Käser" (et wor nach kês me' we'er we' elo). Um Enn vum Jor hûet e gelîewt (o'ni ze baschten) a geschafft fir de Regime dèn all Mo'nt 2 % Umsatzsteuer erhîewt, o'ni de' aner Steieren. Bemöttelt Leid (Plutokraten) sin no 10 Jor rujehe'ert dûrch all de' Spezialsteieren de' op sie falen.

Dem Preiss seng Devise ass ; Recht ist was dem Volke dient. An anere Wierder, de Regime kann îech alles hûelen wann d'Vollék kann dervu profite'eren. E Beispill: Dir hûet e sche'ne Gart, e klenge Park an enger Stâd, an engem Dûerf. De Regime hûet d'Recht îech en eweg ze hûelen, dat all Mönsch kann dervu profite'eren, dra spatse'ere ka gon. Gemeinnutz geht vor Eigennutz. De Bemöttelten göt "gleichgeschaltet", op lötzeburgesch : muss d'Pan klaken.

===== Fortsetzong an onser N°10 =====

---

Helleft dem "Freie Lötzeburger" an dir helleft îech selwer

---

oooo De Preisen hirt neit "Vateranser" oooo

Im Namen des Führers, des Volkes und des Vaterlandes. Amen .
Führer unser der du bist in Berchtesgaden, gepriesen werde dein

Name, bring uns die Welt ins 3.Reich, dein Wille geschehe wie im Frieden so im Kriege.

Unser tägliches Brot gib uns heute, bezahle unsere Schuld mit dem Gelde der Plutokraten, führe uns zum Siege und erlöse uns von den Juden. Amen.

Im Namen des Führers, des Volkes und des Vaterlandes. Amen.

Gelobt sei Adolf Hitler in alle Ewigkeit. Amen.

N.v.d.R;- Wann d'Preisen mat desem neie Gebîed de Krich net gewannen, ~~dass as~~ kê Kraut fir den Adolf gewûes.

---

Wîe wöllt ons Lötzeburger Gléck,
dèn dre't dem knascht'ge Preiss de Réck.

---

----- Gestûerwe fir d'Hêmecht -----

Den "Terror", önner dém mir leiden, gêt sei Wé. Emmer me' lâng göt d'Lösch vun dénen de' ,fir mat hirem Gewössen net am Streid ze lîewen, handelen we' sie denken, an zu gudderlescht e'erens am Dappland Steng mussa klappen. Ower beim Stengklappen bleiwt et net, sie gin op all migeluch Mane'er martyrise'ert, mat der Absecht eppes aus hinnen eraus ze fenkelen a sie op d'Kne'en ze zwéngen. A wa sie dann eso' weit möll gemâcht sin dat sie net me' ge'pse können, da gin se hêm bei hir Familje geschéckt, an de' können dann de' arem Kreaturen, de' fir neischt me' ze gebrauche sin, erhalen a besûergen. Aner, de' d'Gléck net me' hun den Hêmechtsbûedem nach ze betrîeden verschwannen, d.h. sin ömbrûecht gin a kên Hunn kre't nach nö hinnen. Kên an der Hêmecht göt gewûer, wo' de Papp oder de Brudder oder de Jong begrûewen ass.

Eso' handelen d'Preisen mat hire lötzeburger "Bridder". Mat déne Mane'ere wölle sie ons Sympathie gewannen. We' reimt dât mat hirem Optrîeden Ufanks Krich ? Dèmols hûet et gehêscht : sie sin eso' mane'erlech, eso' he'ferlech, eso' korrekt. Ower dât alles wor nömme fir ons Sand an d'Aen ze strêen. No annerhallef Jor Krich hûet onst Vollék agesin, we' wo'er d'Sprêchwûert sét : De Wollef verle'ert seng Hor, ower seng Naupen net. A wat de Krich me' lâng dauert, wat beim Preiss de Flantes ömmer me' un d'Licht könnt.

Ofgesi vun déne Compatrioten de' aus dem Land verdriwe si gin, kre'e vill aner braw Lötzeburger am Preissland hir "Ausbildung" mat der "Knute". Natirlech sin der ömmer de' den Examen net packen, sie falen dûrch, d.h. gin an eng besser Welt. Mir wössen och, dat schons eng gewössen Zûel lötzeburger Jungen den "Heldentod" gestûerwe sin, önner aneren a Jugoslawien, wo' de Preiss sie gedon hûet Polizeidéngscht mâchen. Aner haten d'Gléck e Möttel ze fannen, bei d'Jugoslawen iwerzelafen fir dem Preiss an de Réck ze sche'ssen.

Elo hûet onsen eso' bele'fte Gaul eiter bekannt gemâcht, dat 2 lötzeburger "Verräter", an anere Wierder 2 lötzeburger Patrioten, ze Do'd verurdêlt si gin. Et handelt sech öm :

CLAUDE Adolf aus De'ferdéng , an
DONDELINGER Dömmy, Jandarem 1.Klass, aus Römeléng.

Wat haten de' arem Deiwele verbrach ? Lîest wat am "Wort" vum 15-2-42 geschriwe stong :

...... Sie haben mit den Köpfen anderer gespielt und dabei die eigenen verloren. Sie haben mitten im Kriege einen Aufstand mit Waffengewalt vorbereitet, um zu gegebener Zeit die bestehenden Verhältnisse in Luxemburg zu ändern und die Volksdeutschen vor ihr Tribunal zu schleppen, die mit der reichsdeutschen Verwaltung ehrlich zusammengearbeitet haben. Sie haben ohne Recht und Auftrag Todesurteile aussprechen und vollziehen wollen. Nun hat sie das Recht, gegen das sie aufgestanden sind, zerschmettert.

....... Die Namen der Hingerichteten sind veröffentlicht und jeder sieht, dass der Chef der Zivilverwaltung in der Lage und entschlossen ist, im gegebenen Augenblick mit wirksamen Mitteln jeden Widerstandsversuch in kürzester Frist zu zerschlagen. Man hat sein Entgegenkommen, das oft bis an die Grenze des Möglichen ging, allzuschnell als Schwäche ausgelegt. Dieser Gedanke war eine Selbsttäuschung und hat sich nun bitter gerächt. Wenn gewisse Kreise in Luxemburg heute noch nicht wahrhaben wollen, dass es höhere Ideale gibt, als ängstlich darauf bedacht zu sein, einer geflohenen, treulosen Clique die "Treue" zu bewahren, um mit ihr vielleicht nur das Andenken an die leiblichen Annehmlichkeiten einer vergangenen Zeit zu konservieren, so wollen sie heute nicht auf die deutsche Verwaltung zeigen, sondern an ihre eigene

Brust schlagen und sich die Antwort von den Luxemburger Freiwilligen geben lassen, die jetzt schon im Einsatz gegen den Bolschewismus stehen und beweisen, dass sie für andere neue Ideale zu kämpfen und zu sterben bereit sind.

Mir wössen, dat d'Verbrîeche vun dénen 2 Ongléckleohen nömmen dora bestanen hûet, dat sie 100 %eg Patriote woren, an dat hir Handlongen nömmen drop aus si gângen, dem lötzeburger Vollek seng Onofhängegkêt, seng Rechter a seng golde Freihêt nês ze verschâfen. Sie hun him bewisen dat de Patriotismus keng Grenze kennt, wann d'Hêmecht an der Gefor ass.

So'weit mir bis elo informe'ert sin, sin de' 2 Helden zu Köln gekäppt gin.

Hutt of virun eso' Männer, de' hirt Blutt geaffert hun fir ons aus der Nazi-Tyrannei ze erle'sen. Hir Nîem gi mat golde Buchstawen an onse Freihêtsbam geschriwen.

==========

Et hêscht Déngens Dömmy ge'f Gauleiter genannt.
Dir dûerft et net glêwen, 't ass preisesche Wand.

==========

E Re'tsel

Wat fir en Ennerschêd ass töschent dem preisesche Ministerium an engem Lötzeburger ?

Le'song an onser Nummer 10

Gidfer Lîeser vum "Freie Lötzeburger",dèn ons bis spe'tstens 10 te März de' richteg Le'song ageschéckt hûet, kritt onst Blad 6 Me'nt fir neischt.

==========

Wo' den Hitler ass um Rudder
d'Jonge si Kano'nefudder.

==========

---- Et sin hirer keng ----

Op Verûerdnong vum Gaul eiter Simon sin ofgesat gin :
Mergen Yvan, Bauconducter, Woltz - Medernach Jampir, Cantonjé,Dickerech
Roller Jampir, Lötzeburg - Weis Georges, Douanjé, Wâsserbölleg - Faltz Albert, Cantonjé, Fîels - Wiltzius Nickela, Kanzlist, Lötzeburg - Eschette Joss, Cantonjé, Woltz.

==========

O Schweinhonn, de' dir hûet verroden onst Land,
nom Krich kritt der e Stempel op d'Bâke gebrannt.

==========

---- Bre'fkösecht ----

Pippi, Medernach.- Ere Bre'f ass ofgeliwert gin. D'ganz Familjen ass monter.
Wibbeldewapp, Hûeschtert - Vergrûewt ère Koffer.
Kno'ternéckel, Villerupt - Hûelt îech an ûecht. Dém Kadett sei Papp war e Preiss.
Fort mam Jabel, Antwerpen - Er Renseignémenter si se'er intressant. Wann d'Sâch eso' weit ass gi mir îech Beschêd.

Vu Geld ass agângen :

Kre'enasdooter, Dickerech -"De Freie Lötzeburger" soll lîewen. 100 Fr.
Hûelen Zand - Här Philippe, èren Do'd ass net ömmesoss. 5 Fr.
Stuppes, Lonkech - 80 Fr. - Mercator - 100Fr. - Anonyme - 200 Fr. -
Poly - 40 Fr. - Pinard (A.F.) 20 Fr. - Wichtelcher vu Beggen 25 Fr.

Villmols merci !

==========

--- Wénk fir d'Kârtespiller ---

Ons "Mêschteren" hun d'Glécksspiller verbûeden.Glécksspiller sin; Rammy - Poker - Baccara a.s.w.

Hätt è gedûecht,dat de Preiss nach Loscht an Zeit hätt sech öm d'Kârtespiller ze kömmeren ? Do muss èn ower wirklech e "Leisknéckert" sin. Solle sie vleicht verbûede si gin we'nt hirem frîeme Nûem ? An dem Fall könne mir re'eg "schwarzer Peter" spillen.

Helleft dem "Freie Lötzeburger" an dir helleft îech selwer.

N° 8 vun onsem Blad ass zu Hesper gedréckt gin.